Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Biber

# Biber follow their leaders? – Ma nee!

Biber liewen zwar an enger grousser Famill, dat heescht awer net, dass si just ëmmer deene Groussen nolafen. Biber ginn nämlech gäre selwer aktiv, si si virwëtzeg, entdecken hier Ëmwelt selbststänneg a léise gäre Rätselen. Als Chef sollt een si dobäi ënnerstëtzen, ouni hinnen alles virzeginn.

Egal ob een e Rallye plangt oder op eng bestëmmte Plaz wëll goe fir do z.B. e Spill ze maachen, als Chef sollt een d'Biber selwer de Wee sichen a fanne loossen.

Hei kommen e puer Iddien dozou, wéi een als Chef net alle viraus leeft, mee de Biber nogeet ☺

### 1. „Kennt dir de Wee bis bei …?“

Et kann een d'Biber froen, ob si de Wee bis bei bestëmmte Plaze, z.B. bis bei d' Schoul, bis bei eng Spillplaz oder eng bestëmmte Wiss, kennen. D'Biber si meeschtens ganz stolz drop, dass si sech an der Géigend auskennen a weisen aneren, déi nach mi nei sinn oder de Wee vergiess hunn, gären, wou et higeet.
Biber, déi sech gutt auskennen, gi viraus an ënnerwee kann ee mat hinnen iwwert de Wee schwätzen: „Ah, mir mussen also riicht aus, bis bei d'Kräizung an dann no lénks an de Bësch!...“.

### 2. Fotosrallye




E Fotosrallye ass eng flott Méiglechkeet d'Biber selwer e Wee fannen ze loossen a si op hier Ëmgéigend opmierksam ze maachen. Déi éischt Foto ass am beschte vun enger Plaz, déi d'Biber gutt kennen, z.B. vum Chalet. Vun do aus mécht een der Rei no Fotoe vum Wee, deen d'Biber goe sollen. Et kann ee Fotoe vun opfällege Saachen an der Ëmgéigend maachen (besonnesch Beem, Monumenter,...) oder (verbonne mat enger Geschicht) Fotoë vun enger Persoun, déi de richtege Wee weist.

### 3. „Fischgräte“

Mat enger „Fischgräte“ kënne Biber hire Wee op ganz einfach Aart a Weis „liesen“ andeems si mat de Begrëffer „riicht aus“, „no riets“ an „no lénks“ konfrontéiert ginn.
Op e Blat gëtt eng riicht Linn gemoolt, déi de Wee duerstelle soll. All Stréch deen entweder no riets oder no lénks kuckt, stellt eng Kräizung duer a weist de Kanner wou si mussen higoen. D'"Fischgräte" gëtt vun ënnen no uewe gelies. Feldweeër kann ee mat Strécher kennzeechnen.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL Banque Internationale à Luxembourg




*1: riicht aus goen*
*2: no riets ofbéien*
*3: no lénks ofbéien*
*4: no riets op ee Feldwee ofbéien*

**4. Op der Strooss? – Feiler a Geheimschrëft**


Op der Strooss kann een e Wee am Virfeld mat Feiler markéieren an d' Biber dësen nogoe loossen. Et bitt sech un d'Feiler mat Stroossekräid ze molen. Wiem dat ze einfach ass, kann amplaz vu Feiler och Hiweiser wéi „Gerade aus“ oder „links abbiegen“ a Geheimschrëft op d' Strooss molen an d'Biber dës Geheimschrëften entziffere loossen.

**5. Am Bësch? – Stock und Stein Botschaften**

Wien op Weeër am Bësch ënnerwee ass, ka mat Materialien aus dem Bësch e Wee markéieren. Et kënnen z.B. Steng a Form vu Feiler op de Buedem geluecht oder Beem mat Ficellë markéiert gi fir déi richteg Richtung ze weisen. Esou ee Raster kann de Biber hëllefen Norichten ze entschlësselen an de richtege Wee ze fannen.



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG



| Nachricht | Stöcke | Steine | Steinchen | Langes Gras |
|---|---|---|---|---|
| Weg beginnt oder Gehe weiter | or | | | |
| Rechts abbiegen | or | | | |
| Links abbiegen | or | | | |
| Hier entlang | or | | | |
| Falscher Weg Nicht hier entlang | | | or | |
| Warnung oder Gefahr | | | | |
| Nachricht in dieser Richtung | | | | |
| Fertig / Nach Hause gegangen | | | | |



E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG